

Aktioun Päiperlek

De SICONA, d'SNL, d'ABIOL an den natur musée invitéierenlech härerlech op hier zwee Päiperleks-Bestëmmungscoursen:

Fir Ufänger:

Päiperleke kennelëieren a bestëmmen

Samschdeg, den 8. Juli vun 10 bis 16 Auer

Interesséiert Dir lech fir Päiperleken? Wëllt Dir si méi genee kenne léieren? Wësse wéi een di verschidden Aarte ënnerscheede kann a wou se liewen? Wann Dir dëst a méi wëllt gewuer ginn, dann invitéiere mir lech härerlech op eise Päiperleksbestëmmungsdag fir Ufänger!

Fir Fortgeschrittener:

Päiperleks-Kenntnisser verdéiwen

Samschdeg, den 29. Juli vun 10 bis 16 Auer

Falls Dir schon kënneg am Räich vun de Päiperleke sidd a méi iw-wert méi speziell Aarten kennelëiere wëllt oder op den Ufänger-Cours opbauen wëllt, dann huet Deel un eisem zweeten Bestëmmungsdag fir Fortgeschrittener!

Béid Coursen fannen am Regionale Biodiversitéitszentrum zu Olm (12, rue de Capellen) statt.

Mir treffen eis am Biodiversitéitszentrum fir eng theoretesch Aféierung zum jeweilegen Thema. No engem Picknick bilde mer Fahrgemeinschaften a fueren op Sitten, wou mir zesummen um Terrain no interessanten Aarte sichen (Destinatioun: Bartreng/Stroossen).

Bréngt äre Picknick, Gezei, dat dem Wieder entsprécht, a fest Schung mat. Wie scho Bestëmmungsbicher huet, kann déi och matbréngen. Alles anescht kritt Dir gestallt.

Umelle kann ee sech bis de **26. Juni** beim SICONA ënnert der Telefonnummer 26 30 36 27 oder ënnert der E-mail-Adress manon.braun@siconal.lu. De Cours gëtt op Lëtzebuergesch gehal.

D'Coursen gi vum INAP unerkannt.



Groupe de recherche entomologique de la SNL

